PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Bildung weiderzeleeden.

Wéi am Reportage „Touristen am ëffentlechen Transport: Wéi Sardinnen an der Béchs?“ op RTL de 25te Juli 2020 geschriwwe gouf, ginn et Kapazitéitsproblemer beim ëffentlechen Transport. Dat war zu enger Zäit, wou ee Groussdeel vun de Leit op den ëffentlechen Transport verzicht hat an deen an der Summerpaus generell manner Passagéier ze transportéieren hat. Enn August mierkt een allerdéngs erëm, wéi d'Densitéit op de Stroossen an am ëffentlechen Transport zouhëlt an d'Gestes Barrières am Bus oder am Zuch net ëmmer agehale kënne ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héich gëtt d'Ustiechungsgefor am ëffentlechen Transport zu Lëtzebuerg evaluéiert?
2. Wéi gëtt geplangt, fir de Schülertransport am September esou ze organiséieren, datt en a korrekte sanitäre Konditioune stattfanne kann? Falls dëst net méiglech ass, firwat ass een Decalage vun de Schoulstonnen, zum Beispill fir eeler Schüler, net als Optioun zeréckbehale ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député